

Kartheiser | Mme Nathalie Oberweis | M. Marc Goergen | Mme Nancy Arendt épouse Kemp

Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7949 et dispense du second vote constitutionnel

5. 6539A – Projet de loi relative à la préservation des entreprises et portant modernisation du droit de la faillite, modifiant :

1° le livre III du Code de commerce ;

2° le livre II, titre IX, chapitre II, section 1^{ère} du Code pénal ;

3° les articles 257 et 555 du Nouveau Code de procédure civile ;

4° la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales ;

5° la loi uniforme modifiée sur les lettres de change et billets à ordre, telle qu'elle a été introduite dans la législation nationale par la loi du 8 janvier 1962 ;

6° la loi modifiée du 7 juillet 1971 portant, en matière répressive et administrative, institution d'experts, de traducteurs et d'interprètes, de conciliateurs d'entreprise et mandataires de justice assermentés et complétant les dispositions légales relatives à l'assermentation des experts, traducteurs et interprètes ;

7° la loi modifiée du 23 juillet 1991 ayant pour objet de réglementer les activités de sous-traitance ;

8° la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État ;

9° la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises ;

10° la loi modifiée du 5 août 2005 sur les contrats de garantie financière

p. 58

Rapport de la Commission de la Justice : M. Guy Arendt

Discussion générale : M. Léon Gloden (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) | Mme Cécile Hemmen | M. Charles Margue | M. Fernand Kartheiser | M. Marc Goergen

Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6539A et dispense du second vote constitutionnel

6. 8007 – Projet de loi portant modification :

1° de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales ;

2° de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises ;

3° de la loi modifiée du 24 mai 2011 concernant l'exercice de certains droits des actionnaires aux assemblées générales de sociétés cotées et portant transposition de la directive 2007/36/CE du Parlement européen et du Conseil du 11 juillet 2007 concernant l'exercice de certains droits des actionnaires de sociétés cotées ;

4° du Code civil

p. 63

Rapport de la Commission de la Justice : M. Charles Margue

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8007 et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent : Mme Sam Tanson et M. Georges Engel, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

M. Fernand Etgen, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Georges Engel, Ministre | Nee, Här President.

2. 8227 – Projet de loi portant modification :

1° du Code du travail ;

2° de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration ;

3° de la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à l'accueil des demandeurs de protection internationale et de protection temporaire

M. Fernand Etgen, Président | Den éischte Punkt um Ordre du jour vun de Mëtten ass de Projet de loi 8227, verschidden Ofännerunge vum Aarbechtsrecht an dem Accueil vu Bierger aus Drëttlänner. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorablen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir schwätzen haut iwwer punktuell Ännerungen um Aarbechtsrecht, um Immigrationsrecht an um Asylrecht. Generell geet et drëms, verschidden Dispositionen ze präzisieren, op anere Plazen awer gëllt et, den Accès zum Aarbechtsmaart fir Persounen aus

Drëttstaaten a verschiddene Situatiounen ze vereinfachen.

Ugefaange bei den Ännerungen um Aarbechtsrecht: D'Aarbechtsrecht gesäit elo scho vir, datt Leit aus Drëttstaaten, déi keng Openthaltsgeneemegung hunn, net duerfen hei am Land schaffen. Elo gëtt präziséiert, datt Leit aus Drëttstaaten, déi zwar eng Openthaltsgeneemegung hunn, dofir awer keng Aarbechtsautorisation, och net dierfen agestallt ginn.

Da kommen e puer Präzisiounen derbäi bei de Circonstance-aggravantes, fir an der Praxis besser kënne géint Verstéiss virzegoen. Hei geet et beispillsweis ëm Mënschenhandel oder och nach ëm Kanner-aarbecht. Déi selwecht Circonstances aggravantes sollen elo och fir Persounen ouni Aarbechterlabnis gëllen. An dësem Zesammenhang ginn d'Geldstrofen eropgesat fir déi Employeuren, déi Leit aus Drëttstaaten ouni Openthaltsgeneemegung beschäftegen. An dofir kritt och d'ITM, d'Inspection du travail et des mines, explizitt d'Kompetenz an d'Moyenen, fir esou Infraktiounen kënne feststellen.

Mir änneren och d'Prozedur, fir als Employeur kënnen eng Persoun aus engem Drëttstaat anzustellen. Déi Prozedur leeft iwwert d'ADEM, wou all Employeur, dee sou eng Persoun astelle wëll, fir d'éischt emol muss eng Deklaratioun maachen. Dat Ganz dauert meeschtens ee Mount, wann net nach méi. A verschiddene Situatiounen bedeit dat och eeben en Zäitverloscht fir d'Entreprises. Dat ass besonnesch de Fall, wa séier kloer ass, dass d'ADEM guer keng Kandidaten oder Kandidatinnen huet, déi fir dee Posten eigentlech géifen a Fro kommen.

D'Zil ass et, datt d'Certificate méi séier kënnen ausgestallt gi fir déi Aarbechtsplazen, déi bei der ADEM als „très en pénurie“ geléicht sinn. Engersäits gëtt agefouert, datt een eng Derogatioun ka kréien, fir net mussen dräi Wochen ze waarden, fir ze wëssen, ob bei der ADEM Leit gemellt sinn, déi fir dee Posten

a Fro kommen. Anersäits kritt d'ADEM en neien Delai vu 15 Deeg, wa festgestallt gëtt, datt Leit mat de gefrote Qualifikatiounen bei der ADEM ageschriwwen sinn. An dësem Delai kënnen d'Kandidaten oder d'Kandidatinnen der Entreprise proposéiert ginn. Esou kann d'ADEM méi séier op d'Besoinen vun eisem Aarbechtsmaart reagéieren.

Zum gläichen Ament gi mir fir Talenter aus dem Ausland méi attraktiv, déi a bestëmmte Konditiounen kënnen esou méi séier agestallt ginn. Dat ass an Zäite vu Personalangel hei zu Lëtzebuerg an enger Partie Secteure sécherlech eng ganz, ganz wichteg Saach. Ausserdeem kritt d'ADEM mat dësem Gesetzesprojet d'Méiglechkeet, d'Deklaratiounen vu fräie Plazen ze evaluéieren. Dat hëlleft, eisen Aarbechtsmaart attraktiv an och kompetitiv ze halen.

An da kommen ech zu den Ännerungen um Immigrationsrecht. Generell gëtt et hei e puer Präzisiounen, wat d'Openthaltsgeneemegung betrëfft. A mir adaptéieren eist Gesetz, fir mat den europäesche Reegele konform ze ginn. Fir d'éischt gëtt hei de Prinzip festgehalen, datt all Persoun aus engem Drëttstaat muss eng Autorisation de travail hunn, fir hei zu Lëtzebuerg dierfen ze schaffen. Dat ass souwuel fir d'Salarié wéi och fir d'Indépendant wouer.

Dobäi kritt een eng Ausnam accordéiert, wann een an engem Kalennerjoer manner wéi dräi Méint hei schafft. Dat war bis elo just de Fall, wann ee bannent deem selwechte Grupp vun Entreprisë geschafft huet. Do gëtt also mat dem Gesetz eng Ouverture gemaach.

Fir Indépendant gëtt d'Openthaltsgeneemegung un d'Konditioun geknappt, datt deen, deen d'Firma leet, sech och hei am Land ophält, fir déi alldieglech Gestoun kënnen ze assuréieren. Bei den Indépendant kann d'Durée vum Titre de séjour tëscht engem an och dräi Joer variéieren.

An Zäite vu Personalangel ass et ëmsou méi wichteg, d'Potenzial vun der Aarbechtskraaft, déi schonn hei zu Lëtzebuerg ass, och maximal ze notzen. Dofir gëtt erméiglecht, datt Leit, déi iwwert de Regroupement familial an d'Land komm sinn a schonn eng Openthaltsgeneemegung hunn, duerfen zu Lëtzebuerg schaffen.

An der selwechter Logik gëtt et eng Verbesserung fir Studenten a Fuerscher, déi hei am Land hiren Ofschloss gemaach hunn. D'Dauer, fir eng Aarbecht ze fannen oder selwer eng Entreprise ze grënnen, gëtt fir si vun néng op zwielef Méint eropgesat. A Leit, déi ouni Openthaltseneemegung am Land sinn an déi an enger Situatioun vun engem Report d'éloignement oder engem Sursis d'éloignement sinn, kënnen schaffen, ouni datt muss dee berühmten Test du marché gemaach ginn.

Une voix | Très bien!

M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur | Da gëtt et Ännerungen, déi op déi sougenannten ETIAS- an EES-Reegele vun der EU zréckzeféiere sinn. Ganz kuerz: ETIAS steet fir European Travel Information and Authorisation System, dat ass e komplett elektronesch System, deen Drëttstaater betrëfft, déi vun der Visumpflicht fir de Schengen-Raum befreit sinn. Dat sinn, mengen ech, eng 60 Länner. Dese System gesäit vir, datt ee seng Demande fir d'Areese schonn am Virfeld online ufreet. An Zukunft wäerten d'Fluchgesellschaften mussen iwwerpréiwen, datt all Passagéier e gültige Pass an awer och eng gültig Autorisation de voyage derbäi huet.

Dese Gesetzesprojet dréit och dem Entry/Exit System, dem EES, Rechnung. Dese betrëfft souwuel Leit, déi e Visum hunn, awer och déi, déi vun der Visumpflicht befreit sinn. De System gräift allkéiers, wann eng Persoun iwwert d'EU-Baussegrenz eran- oder erausgeet. Dobäi ginn déi perséinlech a biomeetresch Donnéeën erfaasst, selbstverständlech alles no de Bestëmmungen a Reegele vun eisem Dateschutz. U sech soll den EES dat manuell Stempelen an d'Kontrolléiere vum Pass ersetzen.

Déi lescht Rëtsch vun Ännerungen vun deem Gesetzesprojet betreffen d'ONA-Gesetz: Hei ginn e puer Definitiounen a Begrëffer adaptéiert. Eist Gesetz gëtt domat konform mat der EU-Direktiv aus dem Joer 2013 iwwert d'Norme beim Accueil vu Leit, déi eng Protection internationale ufroen.

Da sinn et och Ännerungen bei den Hëlfe, déi d'Demandeurs de protection internationale kënnen kréien. D'Gesetz gëtt un d'Realitéit vun haut ugepasst, kann ee soen. Den Usproch ass och, dat Ganzt méi transparent ze maachen. Dofir ginn déi verschidden Hëlfe all am Gesetz opgeléicht an och d'Montante ginn do festgehalen.

Nieft der Allocation pécuniaire vun 29 Euro pro Mount kann en Demandeur de protection internationale eng Aide d'alimentation an eng Aide d'hygiène kréien; déi fir d'Esse läit bei 226 Euro, wann et net vum ONA asuréiert gëtt, an de Mount fir d'Hygiène läit bei 45 Euro de Mount. Hei ass ervirzesträichen, datt keen Ennerscheid méi gemaach gëtt tëschent Mannerjärege, déi eleng kommen, an deenen, déi begleet sinn. An ech hoffen och, dass mer eis heibannen eens sinn, dass dat hei keng riseg Montante sinn, wann ee weess, wat hei zu Lëtzebuerg e Pond Botter oder eng Zännbischts kaschten.

Nei ass och, datt déi Hëlfe kënnen a Boergeld ausbezuel ginn oder en nature oder eeben a Form vu Bongen. D'Iddi ass hei, de Leit méi Autonomie ze ginn.

Ganz nom Prinzip vum der Égalité devant la loi, ginn d'Demandeurs de protection internationale an och

d'Beneficiaire vun der Protection temporaire gläichgestallt.

Déi lescht, awer net manner wichteg Ännerung betrëfft den Accès zum Aarbechtsmaart fir d'Demandeurs de protection internationale. An zwar kann en Employeur eng Demande maachen, fir sou eng Persoun anzustellen. Dofir brauch een eng Autorisation d'occupation temporaire, Dir kennt dat, kuerz AOT. Bis ewell huet missen iwwerpréift ginn, datt keen, dee bei der ADEM ageschriwwen ass, fir déi Aarbechtsplaz géng a Fro kommen. Dese Test du marché fält mat deem Gesetzesprojet endlech ewech. Esou soll et fir Leit, déi hei Schutz froen, méi einfach ginn, ze schaffen a sou eng gewëssen Autonomie ze kréien. Net ze schwätze vun der, géif ech soen, mënschlecher Dignitéit, déi dorunner hänkt, wann een eng Aarbecht huet. Dat bedeit ganz kloer och eng Verbesserung fir d'Entreprises.

Eis Kommissioun huet de Gesetzesprojet de 26. Juni presentéiert kritt. An deser Sitzung huet d'Kommissioun den Avis vum Staatsrot analyséiert an huet och Amendementer ugeholl. An der Sitzung vum 7. Juli sinn ech d'Rapporteur genannt ginn. Den 11. Juli ass den Avis complémentaire vum Staatsrot komm. De Rapport ass de 14. Juli an der Kommissioun ugeholl ginn an de selwechten Dag ass awer och nach en Avis vun der Chambre de Commerce komm. Deen hat et leider net méi a mäi schrëftleche Rapport gepackt. D'Chambre de Commerce begrësst, datt de Projet de loi d'émarché fir Leit aus Drëttstaate vereinfacht. An net méi spéit wéi gëschter koum och nach den Avis vun der Chambre des Métiers, déi d'Gesetz och begrësst an eigentlech op eenzele Punkten, zum Beispill wat d'Delaien ugeet, souguer nach méi wäit gaange wär.

Ech soen Iech villmools Merci. Ech ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun, well dat heiten ass e gutt Gesetz, dat et ville Leit, déi bei eis komm sinn, méi einfach mécht, selbstänneg ze ginn, ze schaffen a sou och aktiv un eiser Gesellschaft deelzehuelen.

A loosst mech um Enn nach eng Kéier Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi ech mat jiddwengem hat an deene leschte Joren an der baussepolitesser Kommissioun. Et war mir eng grouss Freed, déi dierfen ze presidéieren, an dat läit ganz vill dorunner, dass ech ganz gutt mat jiddwengem, deen do Member war, konnt zesummeschaffen. An dofir nach eng Kéier e grouse Merci vu mir.

Plusieurs voix | Très bien!

Une voix | Merci gläichfalls!

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Rapporteur Yves Cruchten.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marc Spautz (CSV) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, e grouse Merci un de Président-rapporteur, den Yves Cruchten, fir all déi Ausféierungen, déi hien elo bei deem Projet gemaach huet.

Eppes direkt virewech: D'CSV begrësst dee Projet ausseruerdentlech an ech wëll och dorun erënnere: Mir haten heibannen eng Kéier en Debat iwwer alleguer déi Situatiounen vun de Flüchtlingen. Mir hunn et nach éischter ... Wéi de Président-rapporteur dat elo zum Schluss gesot huet, d'Chambre des Métiers hätt och gäre verschidden Delaien aneschtens gehat. Mir hätten eis och kënnen virstellen, éierlech gesot, nach méi wäit ze goen. Dir kennt Iech erënnere, wéi mir déi Diskussioun iwwert d'Immigratioun

haten, dass mer där Meinung sinn, hei gëtt elo en Deel ...

Den Yves Cruchten huet dat extra erkläert, dass d'Leit elo an Zukunft kënnen Sue kréien, fir selwer kënnen ze kafen. Ech wëll do nach eng Kéier drop zréckkommen: Heiansdo ass et dach awer och fir déi Leit ..., déi setzen an enger Struktur, si dierfen net schaffen goen, si dierfen net akafe goen a si kréien alles gliwwert. Si stelle sech awer vir, kënnen aktiv um Liewen deelzehuelen. Dofir ass et och gutt, datt mer hei verschidden Ouverture maachen, dass se kënnen aktiv um Liewen deelzehuelen, fir schaffen ze goen, mee dass si och kënnen aktiv deelzehuelen, fir an e Buttek ze goen, an e Geschäft ze goen, fir sech dat och ze kafen, wat si brauchen. Och dat gehéiert zu engem Deel vun der Dignitéit.

Hei ass eng Ouverture, déi gemaach gëtt. Mir hätten och näischt dergéint gehat, wa mer do nach méi wäit gaange wieren, well do si Leit, déi setzen ee Joer, annerhalleft Joer, zwee Joer, alt nach méi laang do ze waarden. A si waarden, op Lëtzebuergesch gesot, dass de Plaffong hinnen net op de Kapp fält, well si wëssen net, wéi si hir Zäit rëmkreien. Dofir hätte mir näischt dergéint gehat, wann dat och nach méi wäit gaange wier.

Och déi aner Ouverture, déi gemaach gi betreffend d'ADEM, dass een och do d'Méiglechkeet kritt, méi séier kënnen Leit ze huelen. Ech mengen, et ass grad esou wichteg wéi nach ni an där Situatioun, wou mer hei um Aarbechtsmaart sinn. An den Aarbechtsminister huet et och nach ennerstrach gehat net méi spéit wéi virun dräi Wochen, wéi mer iwwert d'Situatioun vum Aarbechtsmaart geschwat hunn.

Mir hu plazeweis Leit, déi eis feelen, an op anere Plaze fanne mer keng Leit, fir déi Aarbechtsplazen ze besetzen, déi mer brauchen. An dofir ass et wichteg, dass Lëtzebuerg attraktiv ass fir den Aarbechtsmaart an dass mer och ufänke bei deene Leit, déi vläicht an der Protection internationale sinn, ze kucken, ob dat net déi Leit si mat deem Profil an dass déi eis do kënnen ... och net nëmmen doduerch, dass se „dierfen“ – enner Guillemeten – hei sinn, well se an engem Land fortgaange sinn, wou et net liewenswäert ass, wou Problemer sinn duerch Krich an duerch ekonomesch Problemer, mee dass déi Leit eis och hei kënnen hëllefen an dass et net sou ausgesäit, wéi wa se just hei wieren, temporaire, fir ze waarden, dass et soll iergendeppes änneren. Dofir och eis Felicitatiounen a mir kënnen dat ennerstëtzen, wat do bei der ADEM gemaach ginn ass an dass et do och méiglech soll sinn, dass an Zukunft déi Leit méi séier kënnen eng Beschäftegung kréien.

An – ech komme bei de leschte Punkt dovun – dofir ass dat och wichteg, wat de Rapporteur Yves Cruchten ennerstrach huet, dass et awer do méiglech ass, Verstéiss ze maachen (veuillez lire: géint Verstéiss virzegoen). Well mer wëssen alleguer, dass et och 99 % Gudder gëtt an 1 % manner Gudder, déi déi Leit astellen an déi do och heiansdo vun deene Leit profitéieren, dass och do elo d'Méiglechkeet besteet, méi séier an och vill méi strikt dergéint virzegoen.

An och dofir ass dat eng Positioun, déi mir als CSV kënnen matdroen. Wéi gesot, mir stinn deem Projet ganz positiv géintiwwer, mir hätten eis just gewënscht – de Rapporteur huet et och gesot –, et hätt een a verschiddene Punkten nach méi wäit kënnen goen. Mee dat hei ass eng éischt Etapp op deem richtege Wee, an da kënnen mer déi nächst Legislaturperiod déi Ännerungen maachen, fir och nach déi lescht Hürden aus dem Wee ze huelen.

Villmools merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Spautz. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

M. Gusty Graas (DP) | Merci, Här President. Ech mengen, mir sollen eis kengen Illusiounen higninn, och an Zukunft wäerten nach ganz vill Flüchtlingen op Lëtzebuerg kommen. Virun allem d'Klimakris wäert derzou bäidroen. A virun allem ee Kontinent wäert do méi betraff sinn, dat ass dee vun Afrika. Déi Leit, déi hunn näischt ze verléieren, et ass also nozevollzéien, dass si sech op de Wee maachen, fir eng aner Heemecht ze fannen.

Leider wäerte mer och nach eng Rei Dramen erliewen, wéi mir dat an deene leschte Jore scho gemierkt hunn. Et ass virun allem um Niveau vum Mëttemier, wou ganz vill Leit ëmkomm sinn, wat wierklech extreem katastrofal ass. Et muss een och hei soen, datt een eng gewëssen eenheetlech EU-Politick um Niveau vun der Migratioun vermësst, dat ass méi wéi ze bedauern. Et leien zwar elo eng Rei Virschléi um Dësch, déi jo och dann nach mussen am Fong méi diskutéiert ginn. Ech erënneren drun, dass solle sougenannt Zenteren op de Baussegrenze vun der EU amenagéiert ginn, fir am Fong geholl dann och déi Prozedur ze beschleunegen. Dat fënnt och d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei. Ech wëll awer och genausou gutt hannendru soen, datt déi sougenannt Ruanda-Léisung fir eis op kee Fall a Fro kënnt.

D'Praxis beweist, dass déi Legislatioun iwwert d'Asylpolitick muss permanent ugepasst ginn; dat geschitt och haut mat deem Projet de loi. Dat Schlëmmst ass natierlech, wa Leit, déi hir Heemecht verloossen, fir sech eeben, wéi gesot, eng nei Existenz opzebauen, dann ausgebeut ginn. Dat gëtt et nach ëmmer, gëtt et leider ëmmer méi, dat ass dann Traite des êtres humains, do wou am Fong geholl grad de Legislatuer, mir als Politiker mussen extreem dergéint ukämpfen.

An dat ass eng Entwécklung, déi een ënner sou Ëmstänn op kee Fall kann akzeptéieren. Lëtzebuerg leescht do e gudden Bäitrag, Lëtzebuerg versicht natierlech um internationalen Niveau, sech och do anzubringen. Ech verweisen zum Beispill och op eis Kollaboratioun um Benelux-Plang. An et ass also wichteg, datt mir eis nach wie vor och do um internationalen Niveau betätegen.

Natierlech wier et onfair, fir hei elo d'Patronen insgesamt duerststellen, wéi wa se géinge versichen, Leit maximal auszenoten. An et ass, wéi mäi Virriedner dat jo richtig hei bemierkt huet: Dat ass eng Minoritéit, déi dat mécht. Mee grad déi Minoritéit muss an Zukunft méi staark bekämpft ginn. Dofir muss och en effiziente Kontrollsystem agesat ginn, dat ass jo och iwwert dat Gesetz hei elo méiglech. D'ITM kritt also do nach méi Méiglechkeeten. Vlächtt dann awer d'Fro un de Minister: Si mer och do gutt opgestallt, wat d'Personaldecken ubelaangt?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat awer elo an deem Gesetz hei ouni Zweifel positiv ass, dat ass och déi Manéier fir ze embauchéieren, datt dat elo vill méi flexibel gestalt gëtt. Do ginn eng Rei Delaen hei elo verkierzt, ech wëll dat net méi am Detail nach eng Kéier widerhuelen.

Mir sinn an der glécklecher Situatioun, datt eis Ekonomie trotz deene Problemer, déi mer hate respektiv hunn, nach ëmmer gutt dréint. An et ass also awer wichteg, datt mer gewëssen Aarbechtsplaze kënnen sou séier wéi méiglech besetzen. Datt elo zum Beispill ee kann dräi Méint hei zu Lëtzebuerg schaffen, ouni u sech eng Aarbechtsautorisatioun ze hunn,

ass e wichtige Bäitrag, fir am Fong déi Situatioun ze verbesseren. Dat ass gutt fir eisen Aarbechtsmaart. Ech denken elo un zwee Secteuren: virun allem, engersäits, d'Gastronomie. Wann ee mat de Leit aus deem Secteur schwätzt, do weess een, datt et relativ schwéier ass, Leit ze rekrutéieren. Ech denken awer, op der anerer Säit, och zum Beispill un de Geméis- an den Uebstbau, déi fréier vill Leit aus Länner wéi Polen oder Bulgarien rekrutéiert hunn; zwee EU-Länner, wou d'ekonomesch Situatioun sech elo glécklecherweis verbessert huet a wou et u sech elo méi schwéier ass, Leit dann hei ze rekrutéieren. Dofir gëtt also am Fong elo de Bléck schonn op aner Länner geriicht, also ass et scho richtig, dass mer dat méi flexibel gestalten. Dat Ganzt bréngt dann och mat sech, datt de Regroupement familial och soll aus deem Bléckwénkel verbessert ginn, wat mer och nëmme kënnen hei guttheeschen.

Ech wëll dann awer och op de Volet vun de Studenten hiweisen aus den Drëttlänner, déi jo bis elo am Fong geholl nëmme nach konnten néng Méint no Ofschloss vun hirem Studium hei zu Lëtzebuerg bleiwen; dat gëtt elo op zwielef Méint erhéicht. Och dat ass eng ganz gutt Decisioun. Et dierf een net vergiessen, datt ganz vill Studenten do eng héich Qualifikatioun hunn, déi och fir eisen Aarbechtsmaart gegebenefalls kënnen produktiv wierken. An dowéinst kann een déi Ännerung do nëmme nach begrëssen. Awer och an deem Kontext nach eng Kéier d'Fro, ob d'ADEM och fir déi sämtlech Ännerungen do personalméisseg staark genuch opgestallt ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, deen zweete Volet, do geet et an deem Gesetz jo elo méi iwwert den Openthalt vun de Flüchtlingen hei am Land. Ech mengen, et ass evident, datt mir hei ganz kloer fir eng human Asylpolitick stinn. De Respekt an d'Dignitéit vis-à-vis vun all Mënsch mussen hei ganz kloer priméieren. Datt och elo déi finanziell Moyenen erhéicht ginn, déi jo nach net extreem sinn, ass awer net méi wéi normal. An dofir ass et och gutt, datt mer dee Schrëtt do ginn. Ech mengen, déi Leit brauchen selbstverständlech och e gewëssene Minimum, fir kënnen ze liewen. Natierlech muss een awer och oder musse si virun allem och responsabel mat deene Moyene kënnen ëmgoen.

Vlächtt e lescht Wuert dann och nach iwwert d'Logementer vun den DPIen. Mir hunn do eng ganz Rei Problemer hei zu Lëtzebuerg. Mir hunn de Moment plus ou moins 8.000 Better; dat geet, wa mer elo an d'Zukunft kucken, mat Sécherheet net duer. Wann et mer erlaabt ass, och hei e klengen Appell ze maachen un d'Gemengeresponsabel – ech mengen, et setzen der jo 44 heibannen –, datt d'Gemengen do kënnen e wichtige Bäitrag bréngen, datt si och déi néideg Infrastrukturen zur Verfügung stellen, datt mer déi néideg Better och an Zukunft hunn ... Well et sinn eng Rei Leit, déi de Statut schonn hunn, déi awer mussen an Infrastruktur logéiert ginn, déi am Fong geholl net méi fir si geduecht sinn. Dat ass net ganz glécklech an dowéinst, wéi gesot, solle mer och do nach Efforte maachen, fir zousätzlech Logementer ze schafen, fir datt déi Leit och kënnen an aller Dignitéit hei zu Lëtzebuerg wunnen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Graas. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, Dir hutt d'Wuert.

Mme Stéphanie Empain (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Ech géif och ganz gär, fir

unzefänken, dem Här Rapporteur e ganz grouse Merci soe fir säi schrëftlechen, awer och fir säi mëndleche Rapport.

Bon, meng Virriedner hunn elo scho relativ vill Punkten ugeschwat, dofir soen ech och Merci, da kann ech mech hei e ganz gudden Batz méi kuerz halen. Ech géif zwou Saachen ervirsträichen, déi mir natierlech och als gréng Fraktioun besonnesch begrëssen. Dat ass natierlech eng Kéier d'Vereinfachung fir den Accès op den Aarbechtsmaart an domadden dann och einhergehend de vereinfachten Accès fir notament DPIen, fir kënnen méi schnell schaffen ze goen. Dat ass och eng Demande, déi mer méi allgemeng scho vill méi laang formuléiert hunn.

An dat anert ass ganz allgemeng de Punkt, wa mer soen: „Mir mussen eise Standuert an deem Sënn och stäerken“ – mir haten an der Kommissioun och driwwer geschwat –, dat ass ee vun de Punkten, wou mer et elo zum Beispill relativ schwéier maachen, fir Partner vun enger Persoun, déi aus engem Pays tiers kënnt, fir hei dierfen ze schaffen. Da mécht dat eisen Aarbechtsmaart natierlech och net méi attraktiv an net méi interessant.

Voilà, wéi gesot, mir freeën eis iwwert déi dote Punkten. Fir eis ass ganz besonnesch ..., wa mer iwwert de Punkt schwätze vum Accès op den Aarbechtsmaart, Vereinfachung vum Accès an dann op der anerer Säit awer och de Constat, dass mer a ville Beräicher d'Penurie hunn an dass mer do mussen op aner Weeër goen, begrësse mir dese Projet de loi natierlech.

Et ass fir eis allerdéngs och, loosse mer soen, wéi meng Virriedner zum Deel och scho gesot hunn, en éischte Schrëtt, dee mer hei gemaach hunn. A mir sinn der fester Iwwerzeugung, dass mer déi dote Froen an engem ganz breede Kontext an Zukunft nach eng Kéier opwerfe mussen an da vlächtt och nach eng Kéier bësselche méi an den Detail goe mussen. Mee wéi gesot, et ass en éischte gudden Schrëtt an an deem Sënn gi mer natierlech dann och hei eisen Accord vun der grénger Fraktioun.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Empain. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, Här President, villmools merci. Dir Dammen an Dir Hären, och dem Här Cruchten e grouse Merci. Ech mengen, hien huet mer d'Aarbecht ofgehall, d'Gesetz ze beschreiben, also wëll ech mech just op e puer Kommentarer hei limitéieren.

Deen éischten ass, datt déi ekonomesch Situatioun jo déi ass, datt de Chômage tendenziell éischter eropgeet an deenen onsécheren Zäiten, an deene mer elo liewen. Mir gesinn och, datt an eise wichtigsten Nopeschlänner grouss Problemer ufänken, sech ze profiléieren. Dat bleift sécher och net ouni Konsequenzen op Lëtzebuerg an op eisen Aarbechtsmaart. An et feelen eis qualifizéiert Leit an éischer Hinsicht, datt dierf een och net vergiessen. Mir siche qualifizéiert Leit, an dat ass natierlech och eng aner Demarche, wéi wann een elo einfach Mataarbechter sicht ouni grouss Qualifikatiounen.

De Kollege vun der CSV wëll ech soen, datt ekonomesch schwierig Situatiounen an Drëttstaate kee Grond fir Asyl sinn. Ech mengen, et muss een ëmmer kucken, wat an internationalen Droit virgesinn ass. Eng ekonomesch schwierig Situatioun an engem anere Land ass kee Grond, fir hei Asyl ze fannen. Dat ass fir eis e Grond, fir mat deene Länner zesummenzeschaffen, ekonomesch, fir hinnen dobäi ze hëllefen,

eng besser ekonomesch Situatioun bei hinnen ze schafen. Dat ass eppes ganz anescht. Dofir muss een och sou Saache kritesch hannerfroen, wéi datt Studenten aus Drëttlänner méi laang kënnen hei bleiwen – mir hunn dat ëmmer erëm kritiséiert.

Et ass e Braindrain dee mer maachen. U sech wollt mer jo Studenten aus Drëttlänner hei ausbilden, fir datt se kënnen zrëckgoen an eebe just déi ekonomesch Entwécklung vun hiren Heemechtslänner kënnen ënnerstëtzen. An et ass e bëssen awer, loosst mech et kloer soen, onmoralesch, fir da Leit hei auszubilden an hei ze behalen, wou mer wëssen, datt hir Plus-value a si dacks méi néideg gebraucht ginn an deene Länner, wou se hierkommen, wéi hei. Mee et ass e Prozedere, dee mir net onbedéngt gutt fanen, well et e bëssen déi Intention première, déi mer haten, déi och richteg ass, ad absurdum féiert.

D'ASTI huet eis eng Rei Kommentare geschéckt, déi och interessant sinn; ech wëll déi och net onkommen-téiert loosse. Se hunn eng Rei Kritike formuléiert, mir hunn haut nach eng Kéier de Rappell vun deene Kritike kritt. An dobäi ass zum Beispill eng Fuerderung, d'Préférence communautaire ofzeschaffen. Dat ass an eisen Ae falsch, well d'Préférence communautaire berout jo op enger vun de grouse véier Grondfräiheeten an der Europäescher Unioun, der Liberté de circulation des personnes, an dat berout op Géigesäitgeket. De Modell, deen d'ASTI eis proposéiert, ass praktesch weltwäit. Een, deen op Lëtzebuerg kënnt, deen huet hei d'Méiglechkeet ze schaffen, gëtt direkt also u sech regulariséiert a kann hei schaffen, ouni iergendeng Form vu Reciprocitéit an ouni iergendeng Form vun internationalem Accord an där Hisiicht. Also dat ass op jidde Fall eng Approche, wou et schwéier ze gesinn ass, wou fir eist Land a fir eis Leit iergend e Virdeel kéint leien. Also mir halen op jidde Fall als ADR an där Iddi vun enger Préférence communautaire fest.

Dann ass déi Diskussioun ronderëm Persounen, d'Aarbechtméiglechkeete vu Persounen am Séjour irrégulier. Gutt, do ginn hei e puer Ouverture gemaach wéi de Report ... Leit, déi kënne schaffen goen, wa se e Report oder Sursis à l'éloignement hunn, domadder kënne mer liewen. Awer mir mussen och kloer soen, datt dat net soll den Ufank vun engem Émgoe vun der legaler Presenz am Land sinn. Also mir kënnen net higoen an iwwert deen de Wee herno plädéieren, fir eng allgemeng Regulariséierung ze kréien, well dat féiert just zu engem Appel d'air, dat féiert just dozou, datt nach méi Leit kommen op eng illegal Manéier.

Wat mir gär hätten, dat ass, datt déi Leit, déi illegal am Land sinn, entweder d'Land verloossen – vu datt se jo illegal hei sinn, mir si jo e Rechtsstaat – oder kucken, datt si hir Situatioun regulariséieren, awer net, datt mir higin an als Staat eng illegal Situatioun regulariséieren, datt schéngt eis e bësse schwierig ze sinn. Dat ass elo net virgesinn, mee et ass ëmmer gutt, et ze soen, well: „Un homme averti en vaut deux“, sou schéngt et ze sinn.

Datt d'Familljemembere vu Leit, déi regulär am Land sinn, direkt kënne schaffen goen, begrësse mer. Dat ass effektiv eng gutt Iddi. Mir mussen awer och opasse mat deenen neie Modalitéiten, déi d'Patronen hunn, fir da méi séier kënnen och eng Demande ze maachen, fir Leit kënnen ze kréien, datt dat net zu Reseau féiert. Mir haten dat an der Vergaangenheet, ech schwätzen hei vu virun 10 a 15 Joer, datt sou Reseau sech etabléiert hu vu fake Annoncen, wou da Leit komm sinn, an dat ass e ganze Geschäftsmodell gewiescht iergendwéini eng Kéier. A mir mussen oppassen, datt mer sou Systemer net duerch relativ grousszügig Dispositiounen, wéi mer se hei aféieren, awer erëm favoriséieren.

Et ass scho gutt, an et ass och gutt, well hei komme jo dacks och Kritike géint d'ADR, mee ech wëll dofir – d'ASTI mécht et och, awer bei eis ass dat méi favorabel – de Regierungsprogramm zitieren, de Koalitiounsprogramm. An dee seet ganz kloer: „L'immigration doit continuer à servir les intérêts économiques nationaux“, dat seet d'Koalitioun, „en répondant notamment aux besoins du marché de l'emploi et en permettant d'attirer des talents à des fins de recherche et d'études.“ Dat ass dat, wat de Koalitiounsprogramm seet, an domadder si mir och als ADR d'accord. Dat resümiert eigentlech och déi Positioun, déi ech Iech elo hei presentéiert hunn. Dat gesot, droe mir dat Gesetz hei mat.

Ech soen Iech Merci.

M. Fred Keup (ADR) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Merci, Här President. Kolleeginnen, Kolleegen, merci dem Rapportier fir säin exzellente Rapport. Jo, dëst Gesetz geet wéi vill anerer des Woch e weineg ënner an der Mass vu Gesetz, déi mer stëmmen. An ech baséiere mech elo a menger Ried virun allem op meng eege Lektür, mee och op den Avis vun der ASTI an och vun anereren Acteurs vum Terrain.

D'Gesetz war effektiv erwaart gi vun enger Rei Acteuren, ënner anerem der ASTI, mee si schreiw selwer: D'Ännerunge si relativ timide. De Staatsrot schreift och an deem Sënn: „Le Conseil d'État note que bon nombre des modifications proposées sont dépourvues de réelle plus-value et sont dès lors inutiles.“

Am éischte Kapitel geet et jo drëms, dass d'Employeuren, déi Mënschen, déi an enger irregulärer Situatioun sinn, beschäftegen, méi staark solle bestrooft sinn. Do kann ee jo net dergéint sinn, well Mënschen, déi an enger vulnerabler Situatioun sinn, solle beschützt ginn an déi sollen natierlech net ausgenutzt ginn. Dat heescht, do kann ee sécherlech net dergéint sinn.

Mee d'Approche ass awer e Choix. An et ass e Choix, iwwert dese Wee ze fueren an net zum Beispill iwwer eng Regulariséierung vun dese Mënschen ze fueren, dat schreift och d'ASTI an hirer Prise de position. Mënschen, déi souwisou hei schaffen, scho méi laang hei sinn zum Deel an hei schaffen, kéinten och iwwer eng extraordinaire Regulariséierung dann eebe regulariséiert ginn. Mir hunn dat och an enger Motioun hei gefuerdert gehat am Mäerz. Domadder hätte mer deene betraffene Leit sécherlech vill méi gehollef, well ganz vill Leit schaffen leider ëmmer nach léiwer schwaarz wéi guer net.

Da ginn am Code du travail eng Rei Prozedure fir d'Employeure vereinfacht, mee wierklech just e weineg vereinfacht. D'ASTI schreift och dozou, Zitat: „Pour l'ASTI il est temps d'aller plus loin et de mettre fin à la préférence communautaire purement et simplement, ainsi que d'abolir le test du marché du travail pour tous les ressortissants de pays tiers, comme c'est déjà le cas pour les travailleurs hautement qualifiés.“ Ech loosse dat elo mol sou stoen, ech hunn éischter Sympathië fir dëst Zitat, entgéint mengem Virspriecher.

Da gesäit dat zweet Kapitel vir, dass Familljemembere vu Ressortissants de pays tiers net méi mussen eng Aarbechtsrelabnis ufroen, an dozou kann ech just soen: Endlech! Et ass wierklech Zäit ginn, well dat war jo en absoluten Anachronismus, dass déi net duerfte schaffen. Ech hat eemol d'Geleeënheet

mat anere Kolleeg/innen heibannen, bei der ASTI un engem Echange mat sou Familljemembere deelezhuelen, an ech ka mech gutt erënneren, wéi déi eng oder aner Persoun eis effektiv erzielt huet, wéi schwéierfällg et wier, wann ee méint a jorelaang muss doheem sëtzen, well een u sech heihikomm ass, fir bei sengem Partner ze sinn, an net duerft schaffen, obwuel ee professionell an akadeemesch awer Erfahrungen huet.

Natierlech soll eng Autorisation de séjour enger Autorisation de travail gläichkommen. Dat schreift d'ASTI an dat mécht och Sënn an eisen Aen. Dozou muss een awer soen, dass et – an eisen Aen – zimmlech penibel ass, dass des Modifikatioun mat dem Manktem un Aarbechter an Aarbechterinnen an also mam Meerwärt fir eisen eegene Maart an eis eegen national Interessie justifizéiert gëtt. Voilà, et deet mer leed, ech muss soen, dat ass mir ganz peinlech.

Et ass des utilitaristes Logik, déi mir als Lénk uprangen, eng Logik, wou et méi ëm sech selwer geet wéi ëm deen anereren oder dat aner. Mir mengen, et geet ëm Mënscherechter an ëm Mënschewürd an och ëm de gesonde Mënscheverstand. Firwat net schreiwen: „Mir ginn hinnen den Accès op eisen Aarbechtsmaart, well si souwisou hei sinn, well si zum Deel schaffen oder schaffen wëllen, well si et wäert sinn a well mir si wëlle wüdergen?“ Dat wär jo och eng Argumentatioun, déi u sech nobel wier ze schreiwen. Mee voilà, dat ass och e Choix.

Dat drëtt Kapitel bréngt eng aner positiv Verbesserung mat sech, déi och absolutt iwwerfällg war. Den Test du marché gëtt ofgeschafft bei der Demande vun der AOT, der Autorisation d'occupation temporaire. Och dat war längst eng Fuerderung vun den Acteuren um Terrain. Mir all wëssen, wéi schwéierfällg déi Prozedur, fir eng AOT ze kréien, ass a wéi weineg Leit respektiv Employeure par conséquent eng ugefrot hunn a kruten. Mee d'AOT bleift bestoen – och dat ass eng Limit an deem Gesetz –, mat engem Deel vun hire Constraints. Et bleift esou, dass en DPI muss sechs Méint waarden, éier en d'AOT kann ufroen, an och nach ëmmer zwou Administratiounen am Spill sinn, also d'ADEM an d'Direction de l'immigration. Och dat bedauere vill Acteuren um Terrain, wéi d'ASTI, Passerell an anereren. An d'AOT ass nach ëmmer nëmme gutt fir een Employeur.

Ënnert dem Stréch: kleng positiv Ännerungen, déi absolutt iwwerfällg waren an den absolutte Minimum sinn. Mir droe se natierlech mat, well et sinn trotzdem Verbesserungen. Et hätt een trotzdem vill méi wäit kënne goen, fir de Leit hir Rechter an hir Würd ze ginn. Mee mir sinn et scho gewinnt: An der Immigratioun virun allem gëtt ëmmer mam absolutte Minimum geschafft! Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Oberweis. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet ass grondsätzlech ze begrëssen. Ech mengen, datt et eng ganz Rëtsch kleng Ännerunge gëtt, an dofir merci un de Rapportier, deen dat am Detail hei erkläert huet. Ech ginn dofir nëmme op e puer Punkten dovunner an, wou ech awer mengen, datt mer nach eppes ze soen hunn.

Dat eent, datt sinn d'Strofe beim Emploi vu Leit en situation irrégulière. Dat ass ok, datt mer déi an d'Luucht setzen. Ech mengen, datt et laang Joren u sech vill ze niddreg Strofe gouf an et doduerjer och net wierklech dissuasiv war an deem Sënn, datt mer déi Problemer jo rekurrent haten. Déi Problemer sinn

ëmmer erëm opkomm. Dann ass emol eng Kéier een dowéinsten geklaakt ginn – fir et op gutt Lëtzebuergesch ze soen –, a schlussendlech huet en et dann awer weidergemaach, vläicht ënner enger anerer Struktur, vläicht emol mat anere Budgeten, vläicht mat enger anerer Nationalitéit vu Leit. Mee schlussendlech war et net wierklech dissuasiv, fir hei géint déi modern Sklavenaarbecht virzegoen. A genau dat ass et! Mir schwätzen hei jo net nëmme vu Leit, déi da wéinstens regulär bezuelt ginn, wa se en situation irrégulière sinn, mee ganz heefeg schwätze mer hei vu Leit, déi dann och nach net adequat bezuelt ginn, déi hei wierklech ausgebeut ginn. Mir haten do schonn eng Rëtsch Question-parlementairen. Mir wëssen aus dem Ausland, datt dat en heefeg Symptom ass, datt Leit, déi keng Moyenen hunn, sech iergendwouhin ze wenden, dann natierlech ausgenutzt ginn.

Mee niicht de Strofe sollte mer eis natierlech – an dofir begrëissen ech dann och dat heite Gesetz – d'Méiglechkeet schafen, d'Leit un d'Schaffen ze kréien an enger regulärer Situatioun. Dat heescht, dat ass definitiv och e weidere positiven Aspekt vun deem heite Gesetz. Mee och do, niicht engem positiven Aspekt, muss een dann awer erëm vläicht e méi nuancéierte Point de vue kucken. Do geet et dann awer och, zum Beispill, ëm d'Unerkennung vun Diplomer. Et hëlleft näischt, wa mer de Leit d'Méiglechkeet ginn, schaffen ze goen, wa mer gläichzäiteg hir Diplomer net oder mat ganz vill Delai unerkennen. Och hei, dat ass net eppes, wat zum Beispill nëmme d'Leit en situation irrégulière betrëfft, mee eppes, wat och Leit en situation régulière, Leit, déi souguer op Lëtzebuerg kommen, fir hei ze schaffen, definitiv betrëfft. Dat heescht, do misst een dann d'Education materanhuele respektiv d'Héichschoulwiesen, fir déi Unerkennunge méi séier ze maachen.

Da kéint ech elo eng ganz Ried hale just iwwert dat Täschgeld, wat un d'BPien an d'BPien ausbezuelt gëtt. Déi Aiden – mir nenne se „Aiden“ am Text, dat ass méi neutral wéi „Täschgeld“ – ginn da liicht eropgesat, et ginn nei Kategorien agefouert. Bref, dat ass gutt, datt mer eppes maachen, mee wéi dat och virdru scho gesot gouf, gi mer hei wierklech an Trippelschrëtt no vir. Et ass net de grouse Worf, dee mer hei gemaach hunn.

Ech weess och, mir waren de Bâtiment T kucke mat der Chamber. Mir wëssen, datt et an engem Bâtiment T sécher schwéier ass elo, de Leit eng Méiglechkeet ze ginn, selwer ze kachen. Mir sollten dofir awer net eis Ustrengeunge reduzéieren, fir méiglechst ville Leit an deene Situatiounen d'Méiglechkeet ze ginn, selwer anzekafen, selwer ze kachen. Dat géif éischters zu enger Ofenkung féieren, anerersäits géif dat natierlech och derzou féieren, datt mer eng gewëssen Autonomisatioun vun de Betreffene géife schafen.

Dat ass haut leider net an alle Strukture méiglech an et gesäit ee souguer: An deene leschte Joren ass den Undeel u Strukturen oder den Undeel u Better, wou dat méiglech ass, leider erofgaangen. Dat hânt natierlech och mam Ustig vun de Better zesummen. Ech mengen, datt et net schwärz a wäiss ass, mee an all deene Grotéin misste mer awer kucken, besser ze ginn.

An da schlussendlech, drëtter Punkt, den ETIAS, de European Travel Information and Authorisation System: Jo, mir sammele méi Donnéeën iwwer Leit, déi bis elo visafrei waren. Dat ass eppes, wat eis Piraten elo mol prinzipiell net sou ganz gutt um Mo läit. A wann ech e bëssen d'Debaten, déi op europäischem Plang gefouert goufen, fir den ETIAS anzeféieren, Revue passéiere loossen, dann hat ech do ganz

oft d'Gefill, datt et fir déi eng Sait vum Bord drëm goug, méi Donnéeën ze erhiewen, fir de Schengen Information System quasi ze komplettéieren, fir méi ze wëssen, wien dann elo an Europa areest. A fir déi aner Sait vum Spektrum ass et net drëm gaangen, iergendeppes Securitaires ze maachen, mee u sech ze retaliéiere géint Länner, déi dat scho laang mat den Europäer maachen, fir net ze soen: d'USA mat hirem ESTA, d'Kanadier mat hirem eTA, den eVisa-System, wéi en an enger ganzer Rëtsch vu Länner applizéiert gëtt, respektiv och elo Groussbritannien, déi jo och eng Autorisatioun wëllen aféieren. Ech mengen, ech hat e bëssen d'Gefill, datt et op där enger Sait eng Sécherheetsfro war – „Mir wëlle méi Donnéeën!“ –, an op där anerer Sait – wou ech Doutten hunn, ob dat wierklech gräift –: „Kommt, mir retaliéiere géint Länner, déi dat mat den europäesche Biergerinnen a Bierger maachen!“ Ech mengen, d'Wouerecht louch herno iergendwou do derzwëschent. Et steet elo mat hei am Gesetz. Ech hu kee Problem domat, datt mer dat ëmsetzen; et ass en europäeschen Text. Ech hätt mer awer op europäischem Plang do vläicht eng méi nuancéiert Diskussioun dozou erwaart.

Dat gesot, ginn ech den Accord vun de Piraten. Ech soen Iech Merci.

M. Marc Goergen (Piraten) | Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Ausseminister Jean Asselborn.

Prises de position du Gouvernement

M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile | Merci, Här President. Et deet mer leed, dass ech e wéineg spéit sinn, mee ech war zu New York an de Fliger fir zréck hat immens vill Verspéidung an ech sinn eréischt fénnef vir zwou elo iwwer München, Frankfurt gelant an duerfir entschëllegt, datt ech net beim Rapportier derbäi war an och net bei den éischte Riedner. Mee ech hunn awer elo alles matkritt, dass dat heiten e Gesetz ass, dat vu jidderengem hei an der Chamber gedroe gëtt. Da kann ech mech also kuerzfaassen.

Ech mengen, den Yves Cruchten, de Rapportier, huet, wéi en dat ëmmer mécht héchstwahrscheinlech, am Detail alles explizéiert, mee mir si ganz frou a mir soen der Chamber e ganze grouse Merci, dass Der dat hei nach mat op den Ordre du jour geholl hutt, well ech mengen, et ass e wichteg Gesetz, fir dass mer méi Leit un d'Schaffe kréien, déi hei am Land zum Beispill eng Demande gestallt hunn, fir Asyl ze kréien, awer och fir Drëttstaatler, déi mer hunn.

Ech mengen net, dass dat heiten elo eppes ass, wou mer net würdeg domadder ëmginn. Effektiv hunn eis Servicer ausgerechent, dass mer ronn, ech mengen, 3.900 Persounen hunn am Land, déi dat potenziell concernéiert. Dat sinn also Conjointen oder Conjointé vu Leit aus Drëttstaaten, déi kéinten op den Aarbechtsmaart kommen, also tëscht 18 a 60 Joer, wa se dat wëllen. De Moment – fir Iech och dee Chiffer ze ginn, deen ech hunn – sinn et 275 Familljemitglieder, déi schaffen an eng Aarbechtsmächtegung, Aarbechtslerabnis, gefrot hunn.

Bon, bis dato war dat net méiglech. Déi Leit hu misse hir Pabeieren da froen, wa se hei waren. Dir wësst, dass d'Employeure ganz gären zréckgräifen op Leit, déi d'Pabeieren an der Rei hunn. An hei hu mer e Schratt gemaach, mengen ech awer, dee selbstverständlech soll déi Leit würdeg, déi mer och kënnen invitéieren, fir hei zu Lëtzebuerg schaffen ze kënnen.

Mir hunn dann och profitéiert, fir eng kleng Saach, déi awer och wichteg ass ... Dir wësst, dass Leit hei sinn, déi an der Prozedur sinn, fir de Statutt ze kréie

vun der Protection internationale, an déi dann aus Grënn e Report kritt hunn, fir d'Land ze verloossen, oder e Sursis à l'éloignement kritt hunn, an dass do och zukünfteg den Test de marché ewechfällt.

Mir hunn dann och ... jo, also dat ass en Detail, deen awer och ville Leit, mengen ech, wäert hëllefen: D'Studenten, déi heihinnerkommen, Chercheuren, déi kënnen elo ... vun néng ass déi Durée eropgesat ginn op zwielef Méint, wou se, wa se hir Etüde fäerdeg hunn, nach hei am Land kënnen schaffen.

Bon, dann hu mer déi Geschicht vun de maximalen dräi Méint. Déi hu mer jo elo ... Do huet ee misse an engem Grupp vun Entreprisé schaffen. Dat hu mer elo ewechgeloss, well ech mengen, den Aarbechtsmaart, dee gëtt dat net méi erëm, soudass dat och eng gewëssen Overture ass. A mir hunn effektiv dat, wat elo den Här Clement ugeschnidden huet: ETIAS an Entry/Exit System. Bon, mir hunn do ganz, ganz vill driwwer diskutéiert, virun allem och, mengen ech, d'Madamm Justizminister an dann och de Sécherheets..., de Conseil, dee sech ëm d'Innere Sécherheet bekëmmert. Dat heiten ass eng europäesch Decisioun, fir dass ee weess, wien an Europa erakënn't a wien erausgeet.

Wat elo den Accueil, d'Gesetz vum 18. Dezember 2015, ugeet, do ass jo déi Haaptneuerung déi, dass, wa Leit an der Prozedur sinn, fir Asyl ze froen, se elo kënnen no sechs Méint schaffe goen, ouni dass muss deen Test de marché gemaach ginn. Dat heescht, dass gefrot gëtt, ob keng Leit, déi schonn hei um Marché sinn, fir dee Posten do kéinten a Fro kommen, an dat ass eng ganz laangwiereg Prozedur. Déi fällt ewech an ech mengen, domadder kréie mer dann och méi Leit op den Aarbechtsmaart.

Ech hunn och do eng Zuel kritt, déi ech gefrot hunn: Also, mir hunn eigentlech 2023 elo just 38 Accorde ginn. Bon, d'Refuse sinn ëmmer manner ginn am Laf vun de Joren. 2022 waren et 46 Accorden, mee Dir wësst, wéi vill Leit mer hunn, déi an de Prozeduren hei sinn. Also, do hätte mer en Interêt drun, fir déi Leit ..., well ech mengen, d'Integratioun kann nëmme geschéien, wann d'Leit och eng Aarbecht hunn, a wa se eng Aarbecht hunn, kënnen se och eng Wunneng fannen. Wa se keng Aarbecht hunn: keng Wunneng an eng schlecht Integratioun. Dat ass am Interêt vun den Demandeuren an ech mengen, et ass elo gutt, dass mer dat nach fäerdegkritt hunn.

Dat huet laang gedauert, dat stëmmt, mee Dir kennt eis Prozeduren hei. Et ass elo net, dass déi zwee Ministeren, déi zoustänneg waren, d'Regierung do gebremst hunn, mee mir hunn alles misse kucken, dass déi ganz Prozedure gestëmmt hunn, an och mam Conseil d'État, wou jo en Dialog stattfonnt huet. Mee elo hu mer et an ech géif och mengen, dass een net soll soen, dass dat heiten elo e Fortschrëtt wier, mee et geet net duer. Dat ass jo kloer: E Fortschrëtt geet net duer, et geet ni duer. Mee ech kommen elo vun New York, wéi ech gesot hunn, do ass vill Misär an der Welt. A wa mer e kleng Schrëtt no vir maachen, da sollte mer eis och net do verkrampfen an deem Negativen, mee einfach soen, dass et eng Saach ass, en éischte Schrëtt. Mir soe jo net, dass dat do elo d'Léisung vun allem ass, mee dass et awer e Schrëtt ass an déi richteg Richtung.

Ech mengen, domadder hätt ech ... A, an da kënn't nach, wat d'Leit vu Sue kréien, déi am ONA sinn. Also, mir mussen emol fir d'éischt soen, dass d'Leit am ONA alleguerter logéiert ginn. D'Kanner kënnen an d'Schoul goen, dat wësst Der alles, dass se ze iesse kréien. A selbstverständlech hu mer net nëmme d'T-Gebai, mir hunn och vill ganz aner Gebai, méi kleng Gebai, wou d'Leit selbstverständlech, wann

et méiglech ass, kënnen kachen. A si kréien en Täschegeld niest deem, dass se opgehol sinn, an dat ass och richteg. Dat gëtt elo 29 Euro am Mount. D'Esse sinn 226,47 Euro. An da fir Hygiènesprodukter nach eng Kéier 45 Euro. Mee et muss ee wëssen, dass déi Leit jo vum Staat, also vun eis allegueren – an dat solle mer jo och esou maachen –, en Ennerdaach kréien, sou gutt, wéi et geet, an dass se och versuergt ginn, wat d'Essen ugeet an d'Schlofen ugeet a sou weider.

Bon, dat hei kënnt derbäi. Dir wësst, dass mer Momenter haten – Dir wësst dat vläicht net méi sou –, wou mer heiraner vill méi héich louche wéi d'Länner ronderëmmer, an dat huet sech jo europäesch och e wéineg agependelt. A mir sinn hei an enger Moyenne, déi an Europa och eigentlech praktesch d'nämmlecht ass, an duerfir hu mer dat och e wéineg no uewen adaptéiert.

Sou, ech soen Iech villmools Merci an ech wier wierlech frou aus menger Siicht, wa mer d'Gesetz kéinte stëmmen, mee de Georges Engel, den Aarbechtsminister, deen huet natierlech och mat dru geschafft un deemem Projet an e wäert dat dann elo belichten. Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Ausseminister Jean Asselborn. An de Relais fir d'Regierung iwwerhëlt elo den Här Aarbechtsminister Georges Engel.

M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Jo, merci, Här President. Merci, Dir Dammen an Dir Hären, och merci dem Rapporteur fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Et ass scho ganz vill hei gesot ginn. Dat Gesetz, dat huet, wat den Travail ugeet, als Zil, eng ganz Rei Elementer ze reegelen a virun allem dann den Drëttstaatler et ze vereinfachen, um Aarbechtsmarché Fouss ze faassen. An dat heite Gesetz, dat ass am Interêt vun eisem Aarbechtsmarché, dat ass am Interêt vun eisen Entrepreneuren an dat ass och am Interêt vun enger méi mënschlecher a méi oppener Gesellschaft.

A jo, deen Text hei ass och op Demande vun de Patrone mat entstanen an duerfir ass dat hei schonn e Gesetz, wat eisen Aarbechtsmarché méi attraktiv mécht fir Talenter aus Drëttstaaten. A mir sinn an enger oppener Économie, mir sinn an engem oppenen Aarbechtsmarché a wat géife mir hei zu Lëtzebuerg maachen, wa mer eis auslännesch Aarbechtskräften hei net hätten? Mir géifen hei net méi kënnen funktionéieren. Duerfir ass et extreem wichteg, dass mer och do eisen Aarbechtsmarché fit maache fir d'Zukunft.

Wéi meng Virriedner schonn ennerstrach hunn: Do gëtt et jo den Test du marché, deen elo extreem vereinfacht gëtt, an dat ënnert der Konditioun, dass de Posten, deen d'Drëttstaatler sollen unhuelen, dann och op der Lëscht vun de „métiers très en pénurie“ steet. An hei dauert et dann nach just fënnef Deeg, bis d'ADEM den néidege Certificat kann ausstellen. An déi Indicateuren, fir „métiers en pénurie“ oder „métiers très en pénurie“ ze definéieren, déi ginn zesumme mat der UEL definéiert. A wéi Der am Text konnt liesen, gëtt do gekuckt, wéi vill Aarbechts-sichend mer an engem Metier hunn, wéi vill oppe Poste gemellt sinn an dann den Taux vun den Offeren, déi vun engem Kandidat besat ginn. An dofir ass et immens wichteg, dass och alleguer d'Patronen hir Posten deklaréieren bei der ADEM, fir dass mer déi „métiers en pénurie“ sou definéieren kënnen, dass déi Beruffer do och allegueren dra sinn. Wann d'Posten net gemellt ginn, da kënnen mer se och net op déi Lëscht huelen. Duerfir nach eng Kéier en Appell un d'Patronen: Mellt Är Poste bei der ADEM!

Voilà, dat Gesetz hei, dat mécht eisen Aarbechtsmarché méi mënschlech, fërdert d'Integratioun an ass och gutt fir eis Économie. Fir nach op d'Froe vun dem Här Graas ze äntweren, wat eis zwou Administratiounen, d'ADEM an d'ITM, ugeet: Jo, et ass richteg, ëmmer méi Missiounen kommen op si duer. Dat mécht natierlech och, dass den Aarbechtswolumen an d'Luucht geet. A mir brauchen och nach ëmmer konstant Leit, fir deene Missiounen do kënnen gerecht ze ginn. Mir kréien der heiansdo net genuch, mee fir de Moment geet et awer duer, fir dass mer deene Missiounen hei kënnen elo mol an enger Ufanksphas gerecht ginn. Wa mer déi néideg Leit kréien, och an Zukunft.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Aarbechtsminister Georges Engel. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8227. Den Text steet am Document parlementaire 8227⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8227 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugehol.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, MM. Georges Mischo (par M. Max Hengel), Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Elisabeth Margue), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benay, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

3. Ordre du jour

Et gëtt proposéiert, dass mer de Projet de loi 6539A iwwert d'Modernisatioun vum Droit de faillite an de Projet de loi 8007 iwwert déi kommerziell Sociéiteiten, déi fir muer de Mëtteg um Ordre du jour waren, direkt elo no dem 7949 géifen op den Ordre du jour huelen. Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

4. 7949 – Projet de loi portant modification :

1^o du Code pénal ;

2^o du Code de procédure pénale ;

en vue de renforcer les moyens de lutte contre les abus sexuels et l'exploitation sexuelle des mineurs

Da kéime mer elo zum Projet de loi 7949 iwwert de Schutz géint sexuelle Mëssbrauch. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An de Rapporteur vun deemem Projet de loi ass den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass méi en déifgräifende Sujet de Mëtteg, dee mer hei behandelen, dofir erlaabt mer wannechgelift e puer Wieder, fir an de Sujet anzeféieren.

Am 7949 geet et ëm d'Bekämpfung vum Abus sexuel an déi sexuell Ausbeutung vu Mannerjärengen, dat heescht, vu Kanner a vu Jugendlechen. Wéi et déi lescht Woch kloer ginn ass, dass mer et géife packen, deesen Text nach ze stëmmen, hunn ech a mer gespuert, wéi wichteg mer déi Fro ass. Ech si besonnesch houfreg, bei deemem gesellschaftspolitesch wichtige Gesetzesprojet als Rapporteur d'Wuert kënnen ze ergäifen. Et geet och hei ëm Gerechtegkeet, et geet ëm de Schutz vun deene Vulnerabelsten, nämlech déi Mënschen, déi vun anere Mënsche mëssbraucht ginn.

Ech hunn déi Diskussioun a Frankräich schonns verfollegt gehat, Artikelen a Bicher gelies, mee virun allem hunn ech a Gesprécher mat Frënn a Professionellen aus dem Secteur zu Lëtzebuerg héieren, wéi heefeg den Abus vun de Kanner ass, wéi perfid en ass, wéi e Schued déi haut erwuesse Persounen am Alldag mat sech droen, jorelaang, jo, joerzëngtelaang no de Faiten.

Och hunn ech héieren, wéi schwierig et ass, als Affer de Courage, d'Kraaft, ze fannen, fir driwwer ze schwätzen. Wéi schwierig et ass, sech Hëllef ze huelen, nodeems ee laang gesicht huet, wisou ee Schwierigkeeten huet a sengem Liewen, fir et ze meeschten. Ech hunn héieren, jo, dass déi Persounen als erwuesse Mënsche weider Affer sinn an oft an hirer Famill marginaliséiert ginn, weider un de Rand gedréckt ginn oder quasi ausgeschloss ginn, jo, ausgeschloss sinn. Firwat? Well se geschwat hunn, well se de Papp, de Monni denoncéiert hunn, well se erausfonnt hunn, dass et net richteg war, dass dee Frënd vun den Elteren, dee reegelméisseg sonndes op Besuch komm ass, nom Mëttegiess mat op hiert Zëmmer gaangen ass, fir sech un hinnen ze vergräifen; dass dat nëmme méiglech war, well déi eegen Elteren et zougelooss hunn an e Stack drënner an der Wunneng waren, zu deem Moment, wou e Frënd hiert eegent Kand mëssbraucht huet a si hiert eegent Kand net geschützt hunn, grad de Géigendeel: et ausgeléiwert hunn!

Déi éffentlech Diskussioun huet mat sech bruecht, dass vill Persounen am Frëndeskrees sech getraut hunn, ze schwätzen an ze soen, wat hinnen an hirer Kanner- a Jugendzäit passéiert ass. Wéi mer et ewell wëssen, ass den Täter ganz oft an der Famill oder am enke Frëndeskrees vun der Famill ze fannen. A ganz oft gëtt et an der Famill Leit, déi Bescheid wëssen, déi et geschéie gelooss hunn; Mammen, déi wëssen, wat de Papp mat de Kanner mécht, mee wéinst dem Familjefridde respektiv wéinst der finanzieller Ofhängegkeet hu se näischt gesot.